N°4868
Reçue le 18.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.08.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 18. August 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

D'Madamm Minister huet lescht Woch annoncéiert datt ronn 67,5% vun de Leit iwwer 12 Joer hei am Land e komplett Impfschema hunn, mee datt awer nach Efforte misste gemaach gi fir d'Alterskategorie vun den 12-40jährege fir d'Necessitéit vun der Impfung ze sensibiliséieren.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Madamm Minister mir Statistike ginn zu den Impfunge jee no Alterskategorie?
2. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoe fir déi Alterskategorië mat den niddregsten Impftauxe verstäerkt unzespriechen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

N° 4868
Reçue le 27.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 27 septembre 2021

**Réf. :** 83ax6a6f9

**Concerne**: Question parlementaire n° 4868 du 18 août 2021 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4868 du 18 août 2021 de Madame la Députée Martine Hansen concernant « Données sur la vaccination contre la Covid-19 ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4868 du 18 août 2021 de Madame la Députée Martine Hansen concernant « Données sur la vaccination contre la Covid-19**

D' Regierung setzt weiderhin op gezielten Informatioun an op d' Proximitéit vun den Impfofferen. Sou ass z.B. virgesinn den Impfbus op Plazen ze schécken wou grouss Evenementer vill Leit beieneen bréngen. Weiderhin gëtt geplangt och op Plazen wéi z.B. Shopping Zentren eng Impfoffer ze maachen. Et ginn och Gespréicher mat den Sekondärsschoulen fir op der Plaz ze impfen. Schlussendlech däerf een net vergiessen dass elo méi wéi 200 Dokteren prett sinn fir an hiren Praxen ze impfen.

Impfungen pro Alterskategorie (% vu Leit déi komplett geimpft sinn)

| Alterskategorie | % komplet geimpft* |
|---|---|
| 80+ | 84.3 |
| 75-79 | 86.8 |
| 70-74 | 80.4 |
| 65-69 | 80.5 |
| 60-64 | 74.3 |
| 55-59 | 74.4 |
| 50-54 | 69.1 |
| 45-49 | 67.0 |
| 40-44 | 64.5 |
| 35-39 | 63.9 |
| 30-34 | 57.1 |
| 25-29 | 45.0 |
| 20-24 | 43.9 |
| 18-19 | 49.3 |
| 12-17 | 51.0 |

* Situatioun den 27. September 2021